

#HOMEScouting

Dippecher Dachsen



TRUPP



Sport

Wann ee Sport mécht, ass dat ëmmer gutt fir de Kierper a fir d'Gesondheet. Et däerf een awer net iwwerdreiwelen, an et soll ëmmer nach Spaass maachen. Bei de Scoute kanns de dës Sportlerbadger kréien, wéi z. B. de Schwëmmerbadger, de Velosbadger, den Athletebadger an den Equipesportbadger.

>Challenge -ATHLET BADGE<

Waat:

Deng Cheffen ginn dir als Challenge, den ATHLET-BADGE (S.185 am Scoutsbichelchen). E Scout ass sportlesch an spillt emmer Fair. Als Belounung gëtt et en flotten Badge. D'Seiten aus dem Scoutsbichelchen scheken dir deng Cheffen mat. Denger Kreativitéit sinn keng Grenzen gesat beim emsätzen vun deem Challenge du kans alles mat denger Famill emsätzen oder eleng. Kräiz déi Saachen un déisde gemach hues fir dësen Badge.

Vill Spass dobäi an schéck dengen Cheffen Fotoen oder Video oder en gemoolten Bild vun dengem Erleefnes.

Bléif gesond an pass ob dech ob!

Lénks Patt,

Deng Truppencheffen

Adresse Email: trupp@dachsen.lu

Adresse Post: 19, rue des Ecoles L- 4994

Schouweiller - Dippecher Dachsen



Athlet:

- Du weess, wéi een sech virun enger Kompetitioun richtig waarm mécht (Lafübungen, Dehnen).

Datum an Ënnerschrëft: _____

- Du organiséiers e Frühsport.

Datum an Ënnerschrëft: _____

- Du probéiers, folgend Rekorder ze brieche:

	Scout	Guide
- 60 m Sprinten	11 s.	12 s.
- 8 km Joggen	1 St.	1 St.
- Héichsprong	1,00 m	0,90 m
- Wäitsprong	3,5 m	3,0 m

Datum an Ënnerschrëft: _____

- Du weis Fair Play am Sport.

Datum an Ënnerschrëft: _____



Spill

Beim Spille geet et net nëmmen drëms, ween de Beschten
ass a wee soll gewannen, mee jidderee soll sech och gutt
dobäi ameséieren.

